ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Mee 2018

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 3381 vum 23. Oktober 2017 iwwer d'Policeween, déi mat engem "Unfalldatenschreiber (UDS)" ekipéiert sinn, huet den Här Minister verschidden Informatioune geliwwert, déi awer nach misste weider präziséiert ginn:

Sou schreift hien an der Äntwert op meng drëtt Fro, "*dass Donnéeën aus dem UDS, no Informatioune vun der Police, bis elo an 3 disziplinaresche Prozedure benotzt gi sinn, wouvunner der 2 am Joer 2014 sans suites klasséiert gi sinn, an en engem 3ten Fall vun 2015 wou ee Beamte bestrooft ginn ass*".

Mengen Informatiounen no, ass den UDS awer op d'mannst och schonn an enger disziplinarescher Prozedur benotzt ginn, déi 2008 ugefaange gouf, an am Mäerz 2009 zu enger Disziplinarstrof (Réf. 2008/50509/696(2009)MH) gefouert huet.

1. Kann den Här Minister dës Informatioun confirméieren? Wa jo, firwat gouf dës Informatioun dann net schonn an der Äntwert op meng éischt Question parlementaire vum Oktober 2017 matgedeelt? Ass déi Decisioun dës Informatioun, wa si da confirméiert gëtt, der Chamber net matzedeelen um Niveau vum Ministère oder vun der Police geholl ginn? Firwat ass dat esou gemaach ginn?
2. Wat fir eng Moossnam wëll den Här Minister huelen, fir sécher ze stellen, datt d'Chamber komplett a richteg informéiert gëtt, och a Saachen déi d'Police an déi bannenzeg Sécherheet betreffen?
3. Ass et richteg, datt d'Police keng Autorisatioun huet, fir déi Unfalldatenschreiber (UDS) ze benotzen?

4. Wéi eng Moossname si geholl ginn, fir datt sécher gestallt gëtt, datt keng illegitim Donnéeë méi duerch en UDS opgezeechent oder benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser
Deputéierten